



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här Bildungsminister an d'Madamm Finanzminister weider ze leeden.

Et ass gewosst datt eis Kanner a Jugendlech besonnesch ënner der aktueller Pandemie leiden a gelidden hunn.

Fir d'Schüler a Studente si vill Unterrechtsstonnen ausgefall an och mat Homeschooling konnt vill Matière net behandelt ginn an eng ganz Réi Schüler hunn méi oder manner grouss schoulesch Retarden no de leschten 2 Joer virzeweisen.

Vill Elteren a Schüler probéieren dës Retarden duerch Nohëllef opzeschaffen, si mussen awer feststellen datt op den Nohëllefstonne 17% TVA musse bezuelt ginn.

Virun dësem Hannergrond wëll ech folgend Froe stellen:

- Ginn et Statistiken zu den Nohëllefstonnen déi zu Lëtzebuerg an Usproch geholl ginn?
- Deelt d'Regierung d'Meenung datt et sënnvoll wier, fir eng begrenzten Zäit (z.B. 2 Joer) bei Nohëllefstonnen e reduzéierten TVA-Taux vun 3% anzeféieren?
- Wann nee, aus wéi enge Grënn?

Mat déifstem Respekt,

Max Hengel

Deputéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5819 vum honorablen Deputéierte Max Hengel

Et sief fir d'éischt rappeléiert, datt et ganz verschidden Offeren un Nohëllefstonne gëtt : En Appui scolaire gëtt zum Beispill souwuel am Enseignement fondamental wéi och am Enseignement secondaire am Kader vum Schoulhoraire oder heiansdo och ausserhalb vun de Schoulstonnen organiséiert.

Donieft huet den Educatiounsministère virun zwee Joer eng sougenannte Summerschool op d'Been gestallt, fir de Schüler während der grousser Vakanz eng geziilt Offer am Beräich vun der Nohëllef ze maachen. Dës zwou Offere si fir d'Schülerinnen an d'Schüler, respektiv hir Elteren, gratis; d'Fro vun enger Reduzéierung vum Taux vun der TVA stellt sech deemno net. D'Zuel vun de Stonne ka statistesch an allen Detailer dokumentéiert ginn.

Donieft ginn awer och Nohëllefstonne vu Studenten a vu privaten Associatiounen ugebueden. Iwwert dës Offere leie keng statistesch Donnéeën vir.

Weider muss ee verstoen, datt fir d'Applikatioun vun engem reduzéierten oder super-reduzéierte Steiersaz ewéi 3 %, den europäesche Rechtskader respektéiert muss ginn. Dësen erlaabt et net, fir op Nohëllefstonnen de super-reduzéierten TVA-Steiersaz vun 3 % ze applizéieren.

Lëtzebuerg, de 29. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH